Jetzt bist du ein Mann! Frae kënnen net Auto fueren

Jonge spille Fussball Frauen sind wissenschaftlich unbegabt Les femmes sont douées en langues

Les hommes sont forts en mathématiques De Mann geet schaffen

Frauen können vieles gleichzeitig erledigen Les femmes sont faibles Women love shopping

Politik ist Männersache

Men are greedy

Boys are cowboys, policemen...

Frauen sind zickig Women are weak

# SAVE THE DATE

Men are afraid of commitment Männer markieren ihr Terrain

Les hommes sont des égoïstes Frauen haben keine Ahnung von Informatik Meedercher sinn uerdentlech a brav

Les femmes parlent trop Les petites autos, c'est pour les garçons Meedercher si besser an der Schoul

Boys don't cry and don't talk about their feelings

## *Weltfraendag: 8. März 2018*

Lëtzebuerg-Stad

”

## Typesch Mann – typesch Fra?

## Änner deng Perspektiv!

“

Ab 8h30: *Workshops fir Jonker* – 12h00-14h00: *Konferenz mat Débat*

MELLT IECH UN!

**WEIDER INFOEN**

### Weltfraendag 2018

*Den 8. März ass Weltfraendag* – en Dag net nëmme fir d'Fraen, ganz am Géigendeel, en Dag fir jiddereen, deem gläich Chancen an alle Liewensberaicher an onofhängeg vum Geschlecht um Häerz leien. Dëst Joer widme mir eis de Stereotypen an invitéieren an deem Kader virun allem déi Jonk op ee flotten Event ënnert dem Motto **„Typesch Mann – Typesch Fra? Änner deng Perspektiv!“**

### Ab 8h30: Interaktiv Workshops

De Startschoss fällt moies um Fieldgen, wou ab 8h30 interaktiv Workshops fir Lycéesklassen aus dem ganze Land ugebuede ginn. Sie widme sech Theme wéi Geschlechterrollen, Kierperbewosstsin awer och Gewalt oder sexueller Gesondheet – an dat op eng ganz kreativ Aart a Weis.
Parallel dozou weise mir d'Ausstellung „Stereotypes!“, réaliséiert vum „Centre d'Action Laïque de la Province de Liège“: ee Réckbléck op 60 Joer sexistesch Werbung.

### 12h00-14h00: Konferenz an Table Ronde mat Mëttegiessen

An der Mëttegstonn invitéiere mer op eng Konferenz mat Table Ronde. Och hei soll eise jonke Public am Zentrum stoen.

No enger Usprooch vun der Madame Minister Lydia Mutsch, ass et um Dr. André Melzer vun der Uni Lëtzebuerg, fir eis iwwer d'Geschlechterbiller an de Medien, respektiv a Videospiller opzekläeren. Uschléissend débattéiere mir iwwer den Afloss , dee Viruerteeler op eis Entscheedungen am Liewen hunn, a wéi mir hinnen trotze kënnen.

#CHANGEYOURPERSPECTIVE

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des chances

# *Internationale Fraendag 8. März 2018*

Workshops, organiséiert am Fieldgen, 21, rue d’Anvers, L-1130 Luxembourg

Auerzäiten : **8h30-9h45 / 10h00-11h15 / 14h30-15h45**

| *Numm vum Atelier* | *Sujet* | *Organisatioun* | *Alters-grupp (approx.)* |
|---|---|---|---|
| Impro-Theater | Wéi soll ech als Jong sinn, a wat gëtt vu mir erwaard wann ech e Meedche sinn? Mir stellen eis dës Fro op eng ganz amüsant Aart a Weis, mat vill Beweegung, Spaass a Kreativitéit. | ALTERNATIVES – Fondation Pro Familia | 12-13 |
| Meedercher kämpfe fair (En Atelier just fir Meedercher) | Hei kanns du dech trauen, auszeprobéieren ze rolzen an ze kämpfen. Alles ass fräiwëlleg, mat vill Respekt fireneen, ouni Gewalt an ouni Verléierinnen. | infoMann - actTogether asbl / Service Pédagogique vum SEA Kayl/Téiteng | 12-14 |
| Geschlechter-Rollen duerch d’Geschicht | Wat si Geschlechterrollen a wéi beaflossen se eis? Mir fannen et zësummen eraus, a gräifen dofir op spannend a kreativ Techniken zeréck. | UN Youth Delegation Luxembourg | 12-16 |
| No BODY is perfect | Mir stellen eis d’Fro: „Wéi soll een eigentlech sinn??“ | Planning Familial | 13-15 |
| Meedercher, Jongen: All gläich? | Mir widmen eis op eng kreativ Aart a Weis den Ënnerscheeder tëscht Mann a Fra an och de Viruerteeler. | CNFL asbl Foyer Sud - Fraen an Nout | 13-15 |
| Wéi Stereotypen eis täuschen | Typesch Mann, typesch Fra!... Mee ass dat wierklech esou? Wéi eng Qualitéite schreiwe mir wéi engem Geschlecht zou? A wéi loosse mir eis duerch Viruerteeler täuschen ? | Uni.lu (Studentinnen) | 13-19 |
| Typesch Meedercher, typesch Jongen ! | Mat Freed, Spill a Spaass diskutéiere mir iwwer Klischeeë vu Meedercher a Jongen. Stëmmt dat nach oder menge mir dat just esou? | Aarbechtskrees Meederchersaarbecht | 14-20 |
| Fraë, Männer a sexuell Gesondheet | AIDS ass e Wuert dat immens Viruerteel-behaft ass. Mir schwätzen oppen iwwer Fraen, Männer, d‘Préventioun vun HIV an d‘ Liewe mat HIV. | HIV Berodung- Croix Rouge | 16-20 |
| Bezéiungen ouni Gewalt! | Gewalt huelt vill Gesiichter a vill Konsequenzen - wéi erkenne mer se fréizäiteg a bidden hir keng Chance an enger Partnerschaft? | Service Oxygène - Femmes en détresse | 16-20 |
| Quiz interactif | Nous découvrons les inégalités entre femmes et hommes en terme d’éducation, santé, économie, politique,... de manière digitale et interactive. N’oubliez surtout pas vos smartphones ! | WIDE (Women in Digital Empowerment) | 13-20 |

# *Internationale Fraendag 8. März 2018*

***Konferenz « Typesch Mann – Typesch Fra ? »***

Organiséiert am Centre pour la promotion des arts CEPA (Exit 07),
1, rue de l'aciérie, L-1112 Lëtzebuerg-Hollerech

Auerzäiten : **12h00 – 14h00 (inklusiv Mëttegiessen)**

| *Numm vum Atelier* | *Sujet* | *Organisatioun* | *Alters-grupp (approx.)* |
|---|---|---|---|
| Typesch Mann – Typesch Fra ? | Eng Konferenz mat uschléissender Table ronde zum Thema Rollebiller an de Medien an a Videospiller / atypesch Beruffer<br><br>**12h00 - 12h10:** Usprooch vun der Madame Lydia Mutsch, Ministerin fir Chancegläichheet<br><br>**12h10 - 12h40**: Virtrag vum Dr. André Melzer (Uni Lëtzebuerg): „Rolle, Bild und Vorurteil: Dem Geschlecht auf medienpsychologischer Spur"<br><br>**12h40 - 13h30**: Table Ronde, moderéiert vum Lynn Cruchten (RTL) an et huelen deel:<br>• Jens Krabel, IGD-Institut Gender und Diversity Berlin<br>• Miriam-Linnea Hale, Master-Studentin an der Psychologie, Uni Lëtzebuerg<br>• Anja Baumgartner, Polizistin an der Ausbildung<br>• Marc Schiltz, Generalsekretär vum Fonds National de la Recherche (FNR)<br>• Romain Weis, Enseignant an der Spillschoul | Ministère fir Chancegläichheet ; uni.lu a Partner | 14+ |

***Informatiounen an Inscriptiounen :***

**Ministère fir Chancëgläichheet**
Mme Nadine Schirtz : nadine.schirtz@mega.etat.lu, Tel. 247-85810